

## **Finall vun der Campagne Dreamjobs Ambassadors 2023: Dräi Finalist\*inne goufe geéiert**

Mat der Präisierreechung huet déi zweet Editioun vun der Campagne Dreamjobs Ambassadors 2023 hiren Héichpunkt erreecht. Dës huet den 28. September op der Place d'Armes stattfonnt a Presenz vum Lex Delles, Mëttelstandsminister, dem Alain Rix, President vun HORESCA, an dem Carlo Thelen, Generaldirekter vun der Chambre de Commerce.

D'Gewënner vum prestigieisen Titel „Dreamjobs Ambassadors“ sinn:

- An der Kategorie „Barkeeper/Serveur“: Raphael Betti, Barkeeper am Café BAC
- An der Kategorie „Kach“: Marine Perrichet, Chef de Partie am L'Atelier Windsor, an den Christian Thoma, Kichechef am Restaurant Bei den Zwillingen, déi ex aequo ausgewielt goufen.

Béid Gewënner kréien e Bong vun 2000 €, dee vun RAK Porcelain Europe offréiert gëtt, gradewéi en Assortiment vu Wäiner, dee vum Domaines Vinsmoselle gesponsert gouf.

### **Dreamjobs Ambassadors: Éierung vun den Talenter aus dem Horeca-Secteur**

Dreamjobs Ambassadors ass eng Campagne, déi an d'Liewe geruff gouf, fir d'Fachleit aus dem Horeca-Secteur an hiren Engagement ze éieren. D'Campagne huet zum Zil, d'Attraktivitéit vun de Beruffer am Horeca-Secteur ze stäerken, déi aussergewöhnlech Leeschtungen an d'Verfältnis an dëser dynamescher Branche ze fërderen an d'Formatioun vu jonke Leit an dëse Beräicher ze ënnerstëtzen.

Déi zweet Editioun gouf och dëst Joer vun der HORESCA an der Chambre de Commerce organiséiert an zesummenaarbecht mam Wirtschaftsministère - Generaldirektioun vum Mëttelstand, a gouf vun der Kommunikatiounsagence brain&more koordinéiert.

Den Alain Rix, President vun der HORESCA, huet während der Zeremonie betount: „D'Beruffer am Horeca-Secteur am Grand-Duché sinn an engem kontinuéierleche Wandel a hunn zu all Moment een A op d'Innovatiounen, déi fir dës Branche relevant sinn an e positiven Impakt kënnen hunn. Initiative wéi Dreamjobs Ambassadors bidden dësem besonnesch dynamesche Secteur eng wichteg Plattform.“

De Mëttelstandsminister Lex Delles huet dëst ergänzt: „Ech sinn iwwerzeegt, datt Dreamjobs Ambassadors déi richteg Campagne ass, fir d'Beruffer am Horeca-Secteur ze fërderen. Hei gi kreativ an erfollegräich Virbiller ervirgehuewen an esou kann d'Branche sech vun enger neier Säit weisen an hiren Attraktivitéit ënnersträichen. Häerzleche Gléckwonsch un d'Gewënner vun dësem Joer.“

### **Déi 8 Finalist\*inne waren:**

#### An der Kategorie „Kach“:

- Archibald De Prince, Stellvertriedende Sous-chef am Château de Bourglinster zu Buerglënster
- Marine Perrichet, Cheffe de partie am L'Atelier Windsor an der Stad
- Louis Scholtès, Directeur culinaire am La Lorraine an der Stad
- Christian Thoma, Chef de cuisine am Bei den Zwillingen um Belenhaff zu Jonglënster

An der Kategorie „Serveur/Barkeeper“:

- Raphael Betti, Barkeeper am BAC am Pafendall
- Marius Bîrzan, Barkeeper an der Brasserie Abtei am Grond
- Mélanie Niquet, Maître d'hôtel am l'Hôtel le Place d'Armes (La Cristallerie) an der Stad
- Ralph Schmitt, Béier-Sommelier am De Bräiläffel zu Klengbetten

**Portraits a Videoform**

D'Preselektioun war op engem aussergewöhnleche Konzept baséiert: All Kandidat konnt sech a sengem natierlechen Aarbechtsëmfeld weisen an esou säi Beruff, seng Motivatioun a säin Knowhow presentéieren a gläichzäiteg e Message un déi riichten, déi vun enger Karriär am Horeca-Secteur dreemen.

**All d'Finaliste goufe belount**

Déi aner Finalist\*inne sinn awer net mat eidelen Hänn heemgaang: si kruten en Trouschtpräis a Form vun engem Bong am Wäert vun 250 € vun RAK Porcelain Europe an eng Selektioun u Wäiner vun Domaines Vinsmoselle.

D'Campagne Dreamjobs Ambassadors kann een iwwer déi offiziell Websäit [www.dreamjobs-ambassadors.lu](http://www.dreamjobs-ambassadors.lu) an déi sozial Netzwierker (Facebook: Dreamjobs Ambassadors 2023, Instagram: dreamjobsambassadors) suivéieren.

**Pressekontakt**

**brain&more – agence en communication**

Valerio D'Alimonte

[brain@brain.lu](mailto:brain@brain.lu)

T : (+352) 691 43 28 96